N°4132
Entrée le 22.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Réponse de Madame la Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture, à la question parlementaire n°4132 du 22 mai 2026 de l'honorable Député Gusty Graas**

1. **Wei gesäit d'Madamm Ministesch d'Propose vun der EU Kommissioun fir d'Flächeprimme pro Bauer pro Joer op 100.000 Euro ze limitéieren?**

Den esou genannten Capping spillt fir d'Baueren zu Lëtzebuerg aktuell keng grouss Roll, well keng Betriber dovu betraff wären.

2. **Den aktuelle Kontext ass schwiereg an d'Landwirtschaft steet viru groussen Erausfuerderungen. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt d'EU Agrarsubventioune virop sollte kléng Betriber ënnerstëtzen**?

D'Bedeitung vu klenge Betriber hänkt vum Kontext of. Déi Betriber, déi haaptberufflech vun der landwirtschaftlecher Aktivitéit liewe mussen, wesentlech zur Liewensmëttelproduktioun bäidroen oder Potenzial hunn, sech weiderzeentwéckelen, sollen och gezielt ënnerstëtzt ginn, fir de grousse Erausfuerderungen gerecht ze ginn.
D'Diskussioune mam landwirtschaftleche Secteur hunn den 5. Juni um Landwirtschaftsdësch ugefaangen a wäerten an de nächste Méint weidergefouert ginn. De Ciblage vun den Ënnerstëtzungen ass dobäi e wichtegt an zentraalt Thema.

3. **Wäert d'EU a Punkto Liewensmëttelsécherheet- an Onofhängegkeet fir d'Zukunft sécherstellen, méi landwirtschaftlech Fläch fir den europäesche Marché a säin Eegebedarf ze notzen?**

D'EU-Kommissioun schafft un enger Kombinatioun vu Moossnamen, déi d'Liewensmëttelsécherheet, d'Onofhängegkeet an d'Nohaltegkeet gläichzäiteg stäerke sollen.
Déi europäesch Visioun fir den Agri-Food-Secteur gouf am Februar 2025 virgestallt a verfollegt verschidde Prioritéitsberäicher, wéi zum Beispill:

- Den Agri-Food-Secteur attraktiv a sécher maachen, fir e faire Liewensstandard ze garantéieren an nei Akommesméiglechkeeten ze notzen.
- D'Kompetitivitéit an d'Resilienz vum Agri-Food-Secteur sécherstellen.
- Eng nohalteg Produktioun ënnerstëtzen, déi zu gesonde Biedem, propperem Waasser a Loft bäidréit an d'Biodiversitéit schützt an erëm hierstellt.
- D'Liewensmëttelwäertschätzung fërderen an fair Liewens- a Schaffbedéngungen an dynamesche ländleche Géigenden ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau